



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Environnement, du Climat  
et du Développement durable

Luxembourg, le – 9 JAN. 2020

**Service central de législation**  
**Monsieur Marc Hansen**  
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°1519 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°1519 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat  
et du Développement durable,



Carole Dieschbourg

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°1519 vum 22. November 2019 vun den honorabelen Deputéierten Här Max Hahn an Här Gusty Graas**

***Wéi gesait d'Madamm Ministesch d'Gefor, dass trotz dem uewegenannte Verbuet awer knaschtegt Waasser op dësem Wee an d'Ëmwelt kënn?***

Fir d'Gefor vu enger Verschmutzung ze reduzéieren ass et an éischer Linn wichteg d'Léit ze sensibiliséieren fir op verschidde geféierlech Substanzen ze verzichten. Am ernimmte Fall ass et ganz wichteg dass Gemengen hier Awunner informéieren wann si an engem Baugebitt wunnen wou en Trennsystem besteet. Ouni des Informatioun kënnen Bierger hier Gewunnechten der Situatioun net anpassen fir eben di Verschmutzungen ze vermeiden.

***Ginn et Kontrolle vun der Waasserqualitét vun Uewerflächewaasser wat iwwer eng Kanalisatioun oder direkt an d'Natur leeft? Wa jo, wéi dack ginn déi am Duerchschnëtt duerchgefouert? Wéi gesäit déi duerchschnëttlech Waasserbelaaschtung aus? Wéi eng Mesure gi geholl am Fall, wou d'Waasserbelaaschtung ze héich ass?***

Et gi keng reegelméisseg Kontrolle gemaach iwwert d'Qualitét vun Uewerflächewaasser wat iwwer eng Reenwaasserkanalisatioun an d'Natur leeft. Kontrolle fanne statt wann Pollutioun festgestallt oder gemellt goufen. Et wier dowéinst wëssenschaftlech net korrekt aus dëse Fäll Duerchschnëttskonzentratiounen fir de Normalfall ze berechnen. Étuden aus dem Ausland beweisen awer dass Stroossenofwaasser net onbedenklich ka sinn an op verschidde Plazen Mesure musse geholl ginn. Di effektivst Mesure ass natierlech d'Verhënneren vum Antrag vu Verschmutzungen an d'Waasser (Salz, Seef a.s.w.). Eng weider effikass Moosnam ass d'Ofleede vum Reewaasser duerch bewuesse Grief an oppe Reewaasserrétentiounsbecken (am beschten mat Dauerastau an Tauchwänn) oder iwwer Retentiounsfilterbecken. Duerch dës Mesuren ginn Pneuenofriff, Bremsstepps, Uelegspueren a.s.w. zum groussen Deel zréck gehalen.

Des Mesuren ginn deelweis an der Planung vu PAP an Stroosseprojeten am Kader vun der Waasserrechtlicher Autorisatioun gefuerdert. Et muss een awer bedenken dass fir Pneuenofriff a.s.w. de Geforepotential bei Autobunnen an Landstroossen méi héich ass wei an engem Wunnegebitt an dofir Mesuren och anescht ëmgësat ginn. An Zukunft mussen des Mesuren och méi effektiv, zilféierend an flächendeckend ëmgësat ginn. Ausser der Vermeidung oder Alternativen, kritt een d'Problematik vum Stréisalz am Wanter duerch keng baulech Mesuren ënner Kontroll.

***Wëssend, dass d'Ofnotzung vun Autospneuen (Reifenabrieb) eng ganz grousse Quell vu Mikroplastik an der Natur ass, wéi eng Mesurë gedenkt d'Madamm Ministesch ze huelen, fir dëse Problem an Zukunft besser an de Grëff ze kréien?***

Wei uewendriwwer beschriwwen sinn de Bau vu Réentiounsbecken mat Dauerastau, d'Ofleeden vum Reenwaasser iwwer bewuesse Grief oder Retentiounsfilterbecken, Mesuren déi bei all grouse Stroosseprojekter elo schonn ageplangt ginn. Duerch dei Budemretentiounsfilter, an deenen mikrobiologesch Prozesser stattfannen gëtt schonns en Deel vun den Schuedstoffter oofgebaut an deen aaneren Deel gëtt dann zeréck gehalen an duerno mam Schlamm speziell entsuergt. Des Mesuren kennen sech och positiv op Mikroplastik auswierken och wann se net direkt dofir konzipéiert goufen.